Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

## N° 353 Spiirkel / Lenzmount / Fréileng 2015

## Février, Mars, Avril



LIONS BLEUS BONNEVOIE
100
HONNERT JOER / 2014
SCOUTS ET GUIDES

Kënnt **5 mol pro Joër** eraus
Abonnement **25.00 Euro**
CCPL: **LU82 1111 0498 5493 0000**
Chefredakteren: **Marc Jentges & Patrick Jénin**
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**
Tel: **49 50 51**
**http://www.lionsbleus.lu**

**Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!**

Wandrous Publicitéit


# Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!




**www.viking-adventures.de**

# Les amis des Lions Bleus
Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliztéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

# BAACK-Aktioun den 07.02.2015...

# Grouss BAACK-Aktioun'15
## bei den bloën Léiwen



**Ënnerstëtzt eis ALLEGUER...**
egal op aktiven Member, Amicale, Elteren, Famill, Noper oder Frënn....

an **bestellt** bei eis **lecker FuesKichelcher**, fir dat mir genuch ze dinn kréien :)



**kleng / grouss** Tuut Kichelcher --> **3€** ou **5€**
**petit / grand** sachet de biscuits --> **3€** ou **5€**

## FIRWAAT sou eng Baack-Aktioun?

Dës ass geduecht fir zousätzlecht d'Geld zesummen ze kréien, fir eise Summercamp 2015 an de Pyrenäen zesumme mat de Scouten, Explorer & Rover.

Sou kënne mir de Präiss vum Camp bëssi verringeren, an eis evtl. nach eppes flottes um Camp dovunner leeschten. Dofir ënnerstëtzt eis w.g.l. an bestellt lecker selwergebaacken Kichelcher fir de gudden Zweck :)

## WÉI bestellen & WÉINI kritt een d'Kichelcher?

Bestellung per Souche > Entweder dem Chef së oofginn oder d'BestellungSouche mailen un cg@lionsbleus.lu.

**D'Kichelcher kënn der Samstes tëschend 14:00-18:00 beim Home oofhuelen & bezuelen.**

Selbstverständlech kënn der och Kichelcher den Daag selwer op der Plaaz kaafen, mee als éischt kommen déi Léit mat den bestallten Kichelcher fiir :)

-------> Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher <-------

Ech (Je) ______________________________ bestellen gären (veux commander)



_____ x kleng Tuut (petit sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **3€**

_____ x grouss Tuut (grand sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **5€**



______________________________________
Ënnerschrëft (signature) vum zukünftegen Kichelchersknabberer

# BAACK-Sortie den 07.02.2015 fir SG EX RO

# Grouss BAACK-Aktioun'15 -> alias BAACK-Sortie

**Du bass ugemellt fir den Summercamp an den Pyrenäen, oder hues einfach Loscht mat eis ze baacken? Ma dann mell dĕch un, fir mat eis mat Lèift Fuesbullen auszebaacken an aaner Lèit domat glècklech ze maan :)**

**Wèini & wou?** Samstes den 7.02.2015 am Home LBB

**Fir wien?** Fir jiddereen ab Scoutsalter / **Obligatorësch fir dèi Lèit dèi mat an Pyrenäen op den Summercamp fueren !!!!**

**Départ?** RV ass um 9 Auer op der Plaatz

**Fin?** RV um 17 Auer, idem

**Präiss?** **10€**, sinn matzebrèngen op Sortie !!!

**Souche?** Mell dĕch per mail op cg@lionsbleus.lu
un oder oof & Souche matbrèngen !!!



**Weider Détailer?**
fënns du op der BaackAktioun-Sait,
och d'Souche fir Bestellung fir Boma/Bopa, Noper...
An **maacht** sou richteg **Reklamm fir eis Aktioun !!!**

-----> SOUCHE sortie SOUCHE sortie SOUCHE sortie SOUCHE sortie SOUCHE sortie SOUCHE sortie SOUCHE <-----

Heimat erlaaben ech ______________________ mëngem Scout/Guide/Explorer/Rover ______________________ un der **BaackSortie** den **7/02/2015** vun den Lions Bleus deelzehuelen an **brèngen dèi 10€** mat. Ausserdem bestellen mir gären:



_____ x **kleng** Tuut Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **3€**

_____ x **grouss** Tuut Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **5€**

______________________
Ënnerschrëft vum Responsablen

# TECHUANA 2015 TECHUANA_wanter'15

## TECHUANA 2015

**"Der Berg ruft"**

## Départ:

**RV** --> Freides den 13.Februar 2015 um 18:30 Auer am Home vun den Lions Bleus.



**fir déi Leit déi matginn...**
(Charel J., Ketty, Aleksis, Harry, Max, Sarah, Sam, Eric M., Catherine, Eric H., Tameng, Soa, Paco, Grizzly, Chouch, Racoon, Maki, Tamia, Laska & ...???)

**D'Valise ass oofzeginn**
Mëttwochs, den 11.02.2015 ab 19:15Auer
**Skimaterial & klengen Rucksaack**
alles Mëttwochs oder Freides matbrëngen.

"Mir freen eis schon op dëch an op den Schnéi!
**d'LBB Schnéihuesen"**



**P.S. Denkt un är Iwwerweisungen :)**
Déi genee Détailer fann der an der letzter Wandrous oder online --> entweder 350€, 525€ oder 650€
Sinn bis spéidstens den 31.01.2015 op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 - Les Lions Bleus asbl-Explorer ze viréieren...

# Cotisatioun 2015 Cotisation 2015

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un.
Wéi all Joër ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sinn **25,00** Euros op den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen.
Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen, den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nët oder ze spéit iwwerweisen, oder soss opwenneg juristësch Schrëtter ënnerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisatioun ze iwwerweisen soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joër 2015 zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass ët elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët.
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.




De Finanzminister
(alias Eyra farceur)



# Explorerschaffdach

Explorersortie

Du hues Loscht dein Explorerzemmer e bessen emzebauen?
Du hues keng Angscht mat Maschinen oder Geschiir ze schaffen?
Du bass motiveiert fir deng Generation epes um Explorerzemmer ze äneren?
Du wels deng Ideen emsetzen?





Dann mell dech un bis den 28ten Februar per Souche un deng Cheffen

Winni: em 08.00 am Home LBB
Bis: geint 17.00 am Home LBB

Preis: Gratis
(Leit die schaffen brauchen bei eis nie eppes ze bezuelen)

---

**Heimatt mellen ech ____________________ folgenden Explorer**

**____________________ un fir**
**Explorersortie den 7ten März 2015**

**Ennerschreft:____________________**

---

# EXPLORER-ROVER-RAID-2015-FNEL

**14-15/03/2015**

**Moin moin dir Minettsdepp.**
Dës Edition steet ganz am Motto:
**Mir sinn am Minette...**
Den Trajet wärt gezeechent sinn mat ganz üblechen an onüblechen Scoutstechniken an ënnerwee erwaarden dëch ënner aanerem e puer ganz flott Posten.
Iwwernuecht gët an enger Staad am Süden, fir dat dir selbstverständlech e Schloofsaack an Carrymatt braucht & d'Ekippen kënnen och mixt ugemellt ginn (Explorer & Rover)

**FAKTEN:**

**Départ & Retour**
gi der gewuer per SMS, soubaal der ugemellt sidd.
(normalerweis ass den Départ SA am Nomëtteg & Retour SO mëttes)

**Umellen & Bezuelen**
SOUCHE oofginn an IWWERWEISEN soll
bis den 22.02.2015 gemaach sinn !!!
**Präiss: 10 €**, sinn ze iwwerweisen op de Compte: Les Lions Bleus Asbl-Explorer (CCPL IBAN Lu49 1111 2324 7361 0000) mat der Mentioun: RAID2015 + Numm.

---

Heimat mellen ech ______________________ folgenden Explorer ____________________________ gären un fir den Explorer-Raid 2015 den 14.-15.03.2015, deen organisèiert gët vun der FNEL.

fnel scouts & guides

Ënnerschrëft: ______________________

# Schwaff-WE am Home

Schaff-WE

**!!!UN ALL EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE,!!!**
**!!!AMICALEN, C.P.'EN AN FRËNN!!!!**

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fëtteg, Maure beschmiert, iwwerall Spawëcken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sin an ...



Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons de Weekend vum 21.-22.März 2015 am Home vun den Lions Bleus. Den ganze Weekend kascht näischt (0 €), awer e Kuch oder Taart daat soll awer nët däin Schued sinn. Natirlech gët nët nëmmen geschafft. Nee! Mir wärten all déi Léit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun den ganzen Daag! Waat gëtt gemaach? Daat ass natirlech eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot gin, dass Näischt vun Näischt kënnt! Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbescht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déis du och gudd kanns!

Besser kanns du nët ewech kommen! An waat méi natirlech, waat besser! Also mell dëch séier mat der Souche oder schreiw eng Mail!



**WICHTEG INFOS:**

| | |
|---|---|
| **Rendez-Vous:** | Den 21.März 2015 um ...... 8 Auer MAT Kaffi<br>9 Auer OUNI Kaffi |
| **Schluss:** | Den 22.März 2015 um 16 Auer. |
| **Wou?** | Natirlech am Home. |
| **Waat brauchs du?** | Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder an natirlech gudd Laun an vill Motivatioun... |

**SOUCHE:**
Dëss kanns du oofgin bei dengen Cheffen, Comité oder du schécks eng Mail op **comite@lionsbleus.lu**



Heimat mellen ech ____________________ mëch un fir de Schaffweekend am Home fir den 21.-22. März 2015 an kommen

☐ um 8 mat Kaffi
☐ um 9 ouni Kaffi
(WEG ukraizen)



Ennerschreft: ______________________________

# Loscht op en Tour durch eis schein Staad ?

Dann melld dech seier un, da bas de secher net desen flotten Metten an de Casematen ze verpassen. Hei kanns de gesin ewéi se sech an der Festung vun Lucilin verstoppt an verteidegt hun.




Weini: 21. Maerz um 14:00 op der Gare

Schluss: 18:00 op der Gare

Material: dem Wieder ugepassten Kleedung, denk drun, ennert dem Buedem as et kaal, +-14 Grad, Bidon mat Waasser, gud Laun.

Preiss: 2€ matbrengen



Deng Cheffen Bagheera, Kaa, Tchill, Fennec

---

**Heimatt mellen ech ______________________________ mein Wellefchen**

**____________________________________ un fir**

**Freijors sortie den 21ten März 2015**

**Ennerschreft:______________________________**

# Ouschtercamp Beaver Souche Beaver

## Den Superbeaver brauch dringend deng Hëllef!

**Sain Erzfeind den Flantermaus-Michi huet dem Superbeaver seng Superkraaft vun him wech geholl an elo as ed un dier fir dem Superbeaver ze hëllefen , dës erem zreckzeerlaangen.**



**All Beaver zielt bei der Missioun also sierf och du dobai an mell dech seier un fir dem Superbeaver seng Kraaft neess zreckzekreien der beiser Flantermaus hier Pläng ze duerchkraizen. Gëff och du zum Superbeaver !**



Rendez-Vous: Den 18. Abrëll 2015 um 14.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an Tip-Toper Uniform.

Retour: Den 19. Abrëll 2015 um 16.30 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

Wat brauchs du? Schloofsaack , Täschenluucht , Bidon , dem Wierder ugepassten Kleeder , Biergschong , Zännbiischt, Gamelle , Besteck , Ennerwesch Pijama, Kichenduch.



Praiss: 25 Euro sin ze iwwerweisen op de Compte vun de Beaver (CCPL LU87 1111 2571 8942 0000) mat der Mentioun “OCBV15+NummvumKand” bis den 11.4.15 spéitstens.

Souche: Ass oofzegin bei dengen Cheffen bis den 31. März 2015!



Heimat erlaaben ech ______________________ mengem Beaver, dem ______________________ um Ouschtercamp 2015 vum 18. bis den 19. Abrëll 2015 deelzehuelen
An iwwerweisen den Montant am Délai.
Ënnerschrëft ______________________

# Ouschtercamp Wëllef Souche Wëllef

Et wor emol eng kleng Meute mat 7 lauter Wëllef,
déi sin op d'Sich gaangen no der Quell vun all de
Märecher...An wann se net gestuerwen sin, dann hun sie
daat och fonnt. Hues du loscht an eng aner Welt
anzetrieden? Eng Welt voller Magie, wou d'Rotkäppchen an de
béise Wollef liewen, an d'Ritter Prinzessinen eroberen?
Da komm mat op eise flotten Ouschtercamp! Flaischt kennt io
ech nach e gewessenen Hues laancht...



**Rendezvous:** den 16. Abrëll 2015 um 9:00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an enger Verkleedung aus engem Märchen!

**Retour:** den 18. Abrëll 2015 um16:00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg

**Material:** Schloofsack, Carrymatt, Biergschong, dem Wieder ugepasste Kleeder, Täscheluucht, dem Wëllefchen seng 5 Saachen, Wäschsaachen, Gamelle, Reenjacket, Jumbo-Kaart, E-Go Kaart oder 2 Roud-Ticket'en

**Praiss:** 35 Euro, ze iwwerweisen bis den 04. Abrëll 15 op den CCPL LU64 1111 2581 2205 0000 mat der Mentioun "Oc2015Numm vum Kand"

**Souche:** Ass oofzegin bei dengen Cheffen bis 28. Màrz 2015.




Heimat erlaaben ech ______________________ mengem Wëllefchen, dem
__________________________ um Ouschtercamp 2015
vum 16. bis den 18. Abrëll 2015 deelzehuelen
An iwwerweisen den Montant am Délai.
Ënnerschrëft __________________________



# Ouschtercamp Troupe Souche Scouten

## HOW dir kleng Greenhorns

Den Häuptling Rothaar ass e bëssen am Dilemma. D'Cow-Boys déi scho sait Eiwegkeeten versichen, den Indianer hirt Land ze eroberen hun d'Plommen vum Häuptling Rothaar sengem Plommekleed geklaut, daat waat hien zum Häuptling mëscht...
D'Cow-Boys hun him gesoot, hien misst sain land verloossen, soss géifen sie him seng Plommen net zereckgin. Daat wëll den Häuptling Rothaar awer op kee Fall zouloossen. Kéint dir him hëllefen? Hien brengt ierch an sain Indianerduerf. Allerdengs musst dir ierch nach umellen dovir! An zwar mat dëser Souche!



**Départ:** Freides, den 10. Abrëll 2015 um 8h45 op der Gare de Luxembourg.

**Retour:** Sonndes, den 12. Abrëll 2015 um 16h00 op der Gare de Luxembourg.

**Präiss:** 35 € sin ze iwwerweisen bis spéitstens den 3. Abrëll 2015 op de Compte : Les Lions Bleus-Troupe (CCPL IBAN Lu10 1111 7017 3032 0000) mat der Mentioun "OC+Numm vum Scout".

**Material:** Schloofsaack, Carrymatt,Täscheluucht, Gamelle, 2 Kichendicher, Biergschong, Wäschsaachen, Pijama, Täschemesser, dem Wieder ugepasste Kleeder; Jumbo-kaart /2 Roud Ticket'en, Schwamm-saachen ...

**Souche:** ass bis den 28. März 2015 oofzeginn



Heimat erlaaben ech ______________________ mengem Scout dem ____________________________ um Ouschtercamp 2015 vum 10. bis den 12. Abrëll 2015 deelzehuelen An iwwerweisen den Montant am Délai.



Ënnerschrëft ___________________________

# Explorerminiolympiade

Explorer





Wels du gaeren un enger vun deenen jengsten Traditionen bei den Explorer vun den Lions Bleus deelhuelen?
An dengen aneren Explorer weisen wei sportlesch begabt´s de bass!
Dann mell dech sou seier wei meiglech un an beweis deng Sportleschkeet an Geschecklechkeet bei kniffleche an konditionellen Aufgaben.

Denk drun dein peferkt prepareierten Velo matt Helm matzebrengen an natirlech ass den Dresscode fir deen Dach eis Uniteit´s Uniform
( Phoenix T-shit an Jacket )

**Ufank**: 14.00 beim Home LBB
**Schluss**: 17.00 beim Home LBB
**Preis**: 5 Euro

Souche an Suen sin bis den 25ten Abrell ofzegin bzw zeiwerweisen op den Explorercompte:**CCPL LU49 1111 2324 7361 0000**
**„Les Lions Bleus a.s.b.l.-Explorer**

---


**Heimatt mellen ech ______________________________ folgenden Explorer**

**______________________________ un fir**
**Explorerminiolympiade den 9ten Mee 2015**

**Ennerschreft:______________________________**

---

# PYRENÄEN



## SummerCamp 2015



### 31.07.2015 - 23.08.2015

Dèi èischt Préparatiounsversammlungen haaten mer schon,
dèi èischt Unmelldungen sinn och schon dobannen.
An **DU** bass mat schon mat **DOBAI**:
Aleksis, Harry, Julien, Ketty
Max, Justin, Felix, Lara, Catherine, Mika, Adrien, Sam
Někkel, Christophe, Sophie, Michel, Maiti, Eric H.
Grizzly, Paco, Couch, Maki, Tameng, Soa, Tamia & Laska
...









**Départ & Retour?**
Freides den 31.07.2015, RV +/- 18Auer am Home LBB
Sonndes den 23.08.2015, RV +/- 11Auer beim Home LBB

**Präiss?** ALL-INCLUSIVE -> **950 Euro**
1.AC=150 Euro, non-remboursable (bis Enn 2014)
2.AC=300 Euro (bis 1.März 2015)
3.AC=300 Euro (bis 1.Mee 2015)
4.AC=200 Euro (bis 1.Juli 2015)
op Les Lions Bleus Asbl - Rover (CCPL IBAN Lu22 1111 7017 2426 000)
**Ugemellt** bass du **erèischt** wann dèng **Souche &** Paiement **Acompte 1 do sinn**!

**BaackSortie?** Obligaorësch fir JIDDEREEN deen mat an Pyrenäen fiert. All dèi aaner duerfen natiirlech och kommen. Op der Sortie baacken & verkaafen mir FuesKichelcher fir mam Boni den CampPräiss nach kënnen ze drècken :)

**Du brauchs nach weider Informatiounen / hues nach Froën?**
keen Problem
-> schreiw einfach op cg@lionsbleus.lu oder mell dëch beim Atra / Tamia.
Kontakter fënns de an der Cheffenprésentatioun Wandrous Ufank Scoutsjoër.

**Gesicht ginn nach:**
CAMP-LOGO
(LionsBleus goes Pyrenäen > Logo mat Bierger,Sonn,Mier,Waasser,Sèi...)
CAMIONETTE
idealerweis brèischten mir eng Camionette (Typ:Sprinter...) fir Material während dem Camp ze transportèiren. Kenn dir een dien eis do weider kèint hëllefen, dann mellt Ierch wgl per mail (cg@lionsbleus.lu)

MERCI am viraus :)

**STAFF**'inhos

# Programm Beaver

BV - Programm



**Februar**

| | | |
|---|---|---|
| 07. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 14. | Vakanz | (keng Versammlung) |
| 21. | Vakanz | (keng Versammlung) |
| 28. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

**März**

| | | |
|---|---|---|
| 07. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 14. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 21. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 28. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

**Abrëll**

| | | |
|---|---|---|
| 04.-19. | Vakanz | (keng Versammlung) |
| 18.-19. | OUSCHTER-WEEKEND | |
| 25. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

**Mee**

| | | |
|---|---|---|
| 02. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 09. | FNEL BEAVER FUN-DAY | |
| 16. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 23.-31. | Vakanz | (keng Versammlung) |



Beaverklack

Elsa & Jolly & Foxi & Tic-Tac & Grigri & Alizée

# Programm Wellef

LX - Programm

## FEBRUAR

| | | |
|---|---|---|
| 7. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |
| 14.-15. | Fuesweekend zu ??? ??? | |
| 21. | Vakanz | |
| 28. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |

## MAERZ

| | | |
|---|---|---|
| 7. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 14. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 21. | Sortie | 14:00 - 18:00 |
| 28. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 18:00 |



## ABRELL

| | | |
|---|---|---|
| 4. | Vakanz | |
| 11. | Vakanz | |
| 16. - 18. | Ouschtercamp | |
| 25. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |

## MEE

| | | |
|---|---|---|
| 2. | Frei | |
| 9. | Sortie PMB | 11:00 - 17:00 |
| 16. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 23. - 26. | Paischtcamp | |



Deng Cheffen

Bagheera, Putmini, Kaa, Tchill, Fennec

## FEBRUAR

| | | |
|---|---|---|
| 7. | Baacksortie | |
| 13-22. | Techuana | |
| 28. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |

## MÄRZ

| | | |
|---|---|---|
| 7-8. | Intertruppe Weekend | (LBB,DD,MW) |
| 14. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 21. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 28. | SG+EX-Versammlung= | 14:00-16:00 |




## ABRELL

| | | |
|---|---|---|
| 4. | Vakanz | |
| 10-12. | Ouchtercamp | |
| 25. | Truppeversammlung | 14:00-16:00 |

## MAI

| | | |
|---|---|---|
| 2. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 9. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 16. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 23-26. | Päischtcamp | |



Lenks patt

Atra & Tamia & Soa & Neckel & Sam

# Programm Explorer EX - Programm





**Febuar**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 07.02 | BaackSortie + Kino | | am Home |
| 13-22.02 | Techuana Wanter | | |
| 28.02 | Uniteitsversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**März**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 07.03 | Explorersortie | 08-17 Auer | am Home |
| 14-15.03 | Explorer Rover Raid | | |
| 21-22.03 | Schaffweekend | 08-17 Auer | am Home |
| 28.03 | Interbrancheversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**Abrël**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 09-12.04 | Ouschterinteruniteitcamp | | ????????? |
| 25.04 | Uniteitsversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**Mee**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 01.05 | Meekranz bauen mat der Hoga | | |
| 09.05 | Velosversammlung | 14-17 Auer | am Home |
| 16.05 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 23-26.05 | Paischtcamp | | |

I EXPLORER

Fir d'Unitéit : Tameng/Grizzly/Laurent/2ric/1ric

# Rapport Kleeschen bei den Lions Bleus







**FREIDES owes**

um 18:00 Auer hun d'Lions Bleus sëch alleguerten ewèi all joër nees beim Home getraff fir den Kleeschen kënnen ze begrèissen.

An an sëch hätt een dann och schon direkt kèinten den Kleesschen mat sèngem Lidd erbai ruffen, wann nët een duselëschen Chef d'Liddtexter zerappt an ewech gehait hätt.

Soumat haaten mer een liichten Problem an d 'Kanner hun eis gehollef së erëmzefannen. Sou hun mer ons an zwou Ekippen opgesplèckt fir dèi fehlend Stècker vum Lidd erëm ze fannen. D'Beaver an d'Scouten sinn an dèi eng Richtung gaangen, an an der aanerer Ekipp hun d'Wëllefcher hiert Glèck zesummen mat den Explorer versicht.

Wèi mer dunn no laangem hin an hier an villem Sichen all d'Stècker beieneen haaten, konnten mer dunn och sangen, fir dass den Kleeschen wosst dass mer prett wieren.

Dësen huët eis dun och direkt hèieren mat eisen Engelsstëmmen, huet den Wee fonnt bei eis an huet sëch dann op sain Troun gesaat. Hien huet dun säin Buch erausgeholl mat den Notizen vum letzten Joër an huet fiirgeliess wèi all Kand sëch dann sou daat letzt Joër geschèckt huet.

All Branche kruut een klengen Kado, an dowèinst hun mer ons natierlech ënner aanerem mat Lidder an Theaterstècker beim Kleesschen revangèiert.

Dono gouf nach fëx eng Gruppenphoto mam Kleeschen gemeet an nach gudden Boxemännchen mat Schocki.

Dono misst den Kleesschen sëch och neess op den Wee maan an mir sinn och kuerz drop nees heem gaang.

**Tic-Tac**



# Rapport Kreschtcamp
Explorer

## Raport Chrëschtcamp: 1. Dag

Mir hun eis Sammstes den 20. Dezember um 8h00 op der Gare getraff. Wou mir bis erausfonnt haten weieen Zuch op Clerveaux geif fueren, sin mir an deen Zuch geklommen. No baal enger Stonn Faahrt ware mir endlech zu Clierf ukomm an kruuten eng Foto vun engem Gebei, wou mer sollten fannen. Mir hun dunn eng Fraa gefroot an si huet eis gesoot et wear d' Schlass vun Clierf. Dono huet sec h awer rausgestallt dass et d Schlass vun Urspelt war. Also sin mer dohin getreppelt. Beim Schlass ukomm war de Message schnell fonnt an et goung weider op Hupperdange wou d'Mëttegplaaz war. Nom Iessen kruuten mer een Message mat "Konfetti" dran an op eenzelen Stecker stoungen Zuelen an Buchstaven. Domadden hu mir rausfonnt dass mer missten bei d Holler Millen. Do hu mir ee Message fonnt wou drop stoung "Sicht weider". De Max huet dunn als Domheet den Message verbrannt fir sech d Fangeren ze wiermen. Mir hun dunn nach eng Zeitchen gesicht an mat de Cheffen telefoneiert, mee mir hun niergens een Message fonnt. Obeemol hat de Max dann d Idee, dass villeicht an der Enveloppe vun dem verbranntene Message eise Message dran war. Sou war et och. Leider konnt een dovunner neicht mei entzifferen...

D'Cheffen hun eis doropshin op de Punkt 518 op der Kaart gescheckt. Leider sin mir awer op dee falsche Punkt 518 getreppelt. Gottseidank war et net sou weit gewiescht an mir konnten dunn einfach vun do aus op Wilwerdange, bei eis Nuetsplaatz treppelen. Ursprünglech hetten mer sollten an der Scheier vum Yuko senge Grouselteren schloofen, wou mer och zu Owend giess hun (Raviolien). Weinst irgent engem Problem konnte mer net do schloofen an kruuten een Klassensall vun der Schoul zu Verfügung gestallt. Nom Iessen hu mer eis op de Wee fir op d Nuetsspill gemaach. Et war net weit vun do am Besch wou eisen leschten Message gewiescht war. Beim Nuetsspill kruut jiddereen een Liichtstäbchen an d Tëscheluuchten missten mer oofginn. Dann sollten mer am Bësch Ziedelen sichen mat Buchstaven, mat denen mer sollten rausfannen wei d Spill heescht. Mir missten awer och nach opassen fir nett vum Eric gefaangen zeginn, deen eis ouni Luucht fannen misst. Beim eischten Tour haten mer zwar nett all d Ziedelen fonnt ier mer all gefaangen waren, mais mir hun trotzdem rasfonnt wei d Spill soll heeschen. Et war "Slenderman"!Den zweeten Tour hu mer d Reegelen bessen geännert. Elo sollten mir den Eric fannen. An daat war guer net sou liicht... Nom Nuetspill sin mer zreck op Wilwerdange gaangen, verschiddener hun nach Zopp giess an dono hun mer eis an der Schoul installeiert. Mir waren all zimlech mitt an sin och gutt ageschloof. Dei meescht opjidefall..

Sarah



## Rapport Krëschtcamp (2. Dag)

Den Max huet deen vergies ze schreiwen



## Rapport Krëschtcamp (3. Dag)

Um drëtten an leschten Dag vun eisem Krëschtcamp hunn mir bis ongefeier 9 Auer geschloof bis eisen Chef des camps eis erwecht huet. Alleguer zesummen hunn mer direkt e bessen Frühsport gemach, puer Pompelen, Sit-Ups, mer sinn gelaaf an alles wat dozou geheiert an dann gouf zu Moien giess an gespullt. Dueno hunn mer all eis Sachen angepaakt an mer hunn nach eng Ronn "Siedler von Catan" gespillt bis et geheescht huet "Mëttegiessen !".Fir d'Mëttegiessen hunn mer um Feier all meigleches gegrillt wat wei et schéngt jidderengem geschmaacht huet. Wei jiddereen fäerdeg war mat iessen gouf gespullt an ugefangen ze raumen an ze botzen damat alles rem sou ausgesait wei firdrun. All zesummen hunn mer den Chalet ausgeraumt an rem alles verschloss. Als läscht gouffen d'Autoen angeraumt fir d'ass och rem alles matgeholl gëtt. Wei dëst gemach war, hunn sech d'Explorer op den Wee gemach bei d'Dommeldenger Gare wou den Camp dann offiziel säin Enn geholl huet. Op der Gare selver goufen nach puer Sachen beschwat an eng 'Chaîne des Adieux' gemach an dunn huet sech jiddereen op den Wee gemach fir heem.

Lara E.



# Rapport Sportsdach

## Explorer





Moies hun mir eis zesummengetraff firum Home fir bei de Centre Culturel Mamer ze fueren.
Mir koumen zeitgleich mat deenen aneren Gruppen un.
Den Daag huet ugefangen mat engem Hindernisparkour, bei deem eng dose Leit, Tennisbäll op daat anert Enn vum Parkour hu misse brengen. Währenddessen missten dei aner se oofscheissen mat Softbäll. Dono huet den Tournoi ugefangen mat klengen Spiller wei Dodgeball, Ultimate Frisbee an Hockey ugefaangen, woubei mir all Match gewonn hun. Mir woren richteg gudd ennerwee. No engem gudde Wupp an der Mettespaus, ass et weidergangen mat Basketball, Volleyball an Handball. Do sin mir dann un d'schweesse komm an hun och missen puer Niederlagen anstiechen. Bei onserem leschten Match , hun mir Basketball geint Mamer Wiselen gespillt, beideem mir emt 1 Kuerf verluer hun. Ansonsten hätten mer d'Chance op de Pokal gehat. Den Finale Match wor teschend den CBDM an enger vun deenen 3 Telstar Gruppen. D'CBDM hun den iwwerdimensionalen Vikingerschach ouni Problem kennen fir sech entscheeden, awer och just well d'Geigner keng Lions Bleus woren. Dono hun mer nach zesummen firun der Dier geschnesst an sin dann no engem groussen Carré an enger Chaîne des Adieux heemgangen.

Eric Macé











## Rapport Schlittschonssortie

Den 17. Januar um Punkt 2 Auer hun d'Eplorer sech op der Schlittschongspist op der Kockelschéier getraff fir zesummen en schéinen Mëtteg ze verbrengen. Séier hun mir eis an d'Réi gestallt fir d'Entréesticketen an direkt dueno hun mir am Vestiaire eis Schlittschong ungedoen. Am Ufang war jiddereen en bessen wackeleg op de Been mee mat der Zéit an den Ronnen um Äis war et dunn O.K. Bis d'Äis fresch gemach gouf ,wat géint 4 Auer war, hun mir eis Tier gedréint an vill zesummen gelaacht. No enger klenger Paus sinn mer nach e bessen weidergefuhr bis dunn d'Féiss ungefaang hun wéizedoen an nach kuerz firun 5 Auer hun mer nach all zesummeneppes gedronk fir eis Sortie oofzeschléissen. Um Punkt 5 Auer hun mer eis getrennt an sinn alleguer heemgangen.

Lara



# Rapport WanterHike15 vun der FNEL



## Éischten Daag (17.Januar 2015)

Samstes den 17. Januar 2015 um 9 Auer hun mir eis op der Gare getraff fir um Wanterhike vun der Fnel deelzehuelen an hun direkt den Zuch Richtung Diddelèng geholl. Do ukomm kruten mir eng Kaart, eis Orientationstrousse, een Froenbou iwwert d'Minette an deen èischten Message.
Eis Aufgaab während dem Trajet wor ët den Froenbou auszefëllen an daat esou gudd ewèi mèiglech. Eng supplémentaire Aufgaab wor een Paack Nuddelen matzebrèngen. Den Trajet wor relatif onspecktakulaire an mir sinn gudd virun gaangen. Zwëschen deenen villen Messagen goufen ët nach verschidden Posten, wou een huet missen bewältegen, wèi ënner aanerem Kniet maachen…
Mir sinn ongefèier um 22 Auer unkomm op der Schloofplaatz am Ellergronn zu Esch. Hei kruuten mer dann Gulasch ziessen, waarmenTèi an hun op dèi lescht Gruppen gewaart.
Wèi all Mënsch ukomm wor an giess haat, hun mir nach all zesummen een grousst Nuetsspill gemaach. Duerno konnten mir schloofen goën.



## Zweeten Daag (18.Januar 2015)

Um nächsten Dach sinn mir all um 8 Auer opgestaan, hun fir Moies giess an sinn Truppenweis lass gaangen an zwar enger Signe de pistes no. No ongefèier 1 Stonn sinn mir dann op der Mëttesplatz ukomm am Streichelzoo zu Esch um Galjenbierg, wou mir mat Fuddertuuten do Dèieren konnten fidderen goën.
Dono kruut jiddereen een Thüringer an eng Mettwurscht.
Zum Oofschloss hun mer d`Chaîne des adieux gesongen an sinn zesummen op Escher Gare eroof getrëppelt. Do sinn mir nees an den Zuch gaangen an bis op d'Staater Gare gefuer, wou eis Elteren eis sichen komm sinn.



**Raphael**







# Rapport Krëschtcamp Rapport Beaver



**Eischten Daag**

Um 14:00 h war den Treffpunkt bei eisem Home. D'Beaver waren alleguer pünktlech a wei mer all zesumme waren, hunn mer d'Schwanzklappe gemaach, wourops d'Beaver d'Thema vum Weekend erläutert kruten, griichesch Gëtter. Mir sinn dunn erop an den Dortoir gaangen, wou mer eis installéiert hunn. Dann kruten ons Beaver eng Geschicht erzielt. Well et dobausse staark gereent huet, hunn mer e klengt Spillchen (d'Zeitungsspill) gespillt a sinn dunn, wei et manner gereent hat eraus gaangen an hunn dobaussen e puer Spiller gespillt (Zerberos an Hades). Wei mer da bësse midd ware vun de Spiller, si mer nees era gaangen an do hunn d'Beaver hiren eegene Lorberkranz gebaut. Wei all Mënsch säin eegenen, ganz perséinleche Lorberkranz hat, sinn se an hier Dämm opgedeelt ginn an dann huet déi eng Grupp griichesch Kichelcher gebak, während déi aner am Sall niewen drun „Weie Gott ass et" gespillt huet. No enger gewëssener Zäit hunn d'Gruppen sech dann ofgewiesselt. Wei dat ganzt fäerdeg war hunn mer eis Griichesch Hähnchenschenkel giess. Dann hunn mer eis fäerdeg fir eis spannend Nuetsspill gemaach: Capture the flag. No zwou Partien, wou déi zwou Equipen alles ginn hunn si mer da gaaaanz midd schlofe gaangen.





**Zweeten Daag**

Géint 08:00 h huet eise Wecker geschellt a mir missten opstoen. Nodeems mer eis ugedoen hunn, si mer fir d'éischt mol iesse gaangen. Dunn hunn mer all eis Rucksäck gepak an dann eis nächst Bastel gemaach: eng olympesch Medail. Doropshi kruten d'Beaver dann hier zweet Geschicht virgelies. Dann war et awer scho rëm Zäit ze iessen. Wei all Mënsch seng Sandwiche rof hat, hunn mer eis fäerdeg gemaach fir op eisen Trajet ze goen. Fir d'éischt hunn mer virum Home „Zahnstocher fannen" gespillt. Déi fläisseg Beaver hunn sech dobäi eng Foto verdéngt, déi eis gewisen huet wou mer als nächst goe missten. Dohi si mer dann och schéi gemittlech hin getrëppelt. Op der Platz missten se da mat Lehm en Gesiicht op en Bam „bastelen". Dobäi hunn d'Kanner sech ganz vill Méi ginn! Mat der nächster Foto, si mer dann och op déi nächste Statioun getrëppelt: op d'Heedekeppchen. Do hunn mer Reise nach Jerusalem gespillt, an zwar mat Beem. Dunn si mer weider getrëppelt. Am Laf vum Trajet kruten d'Beaver dann hier lescht Geschicht vum Weekend gezielt. Dann krute mer eng Foto vun der leschter Destinatioun: d'Home. Wei mer do ukomm waren hunn mer dann nach eng Kéier „Zerberos" gespillt an da war et och schonn Zäit fir Äddi ze soen.





Gri-Gri

Wintercamp

Nach der 2. Nacht wachten alle langsam auf.
Wir redeten noch ein bisschen und zogen uns an.
Als Caroline einmal gekommen ist um uns guten Morgen zusagen waren schon alle angezogen.
Als die Chefs uns zum Frühstück riefen rannten wir in den Esssaal.
Es gab: Brote, Nutella, Honig und Marmelade.
Zum Trinken gab es: Tee, Wasser und Kakao.
Nach dem Frühstück zogen wir uns warm an und machten uns auf den Weg zur Bushaltestelle.
Wir warteten 5 Minuten und stiegen dann in den Bus Nr. 8.
Wir fuhren in die Stadt.
In der Stadt bei der Gemeinde wurden wir in Gruppen aufgeteilt.
Jede Gruppe bekam 2 Chefs.
Wir mussten nach Tieren in den Wänden, Vitrinen .. suchen.
Manche waren sehr leicht andere sehr schwierig zu finden.
Als jede Gruppe am Treffpunkt angekommen war, machten wir ein Picknick auf einer eiskalten Mauer.
Jeder war fertig mit seinem Brötchen als wir zum Museum Casino gingen.
Im Museum war es warm und es mussten viele aufs Klo.
Zuerst bekamen die die wollten ein Quizblatt.
Wir konnten auf Wände malen, Filme anschauen, den Quiz berätseln und noch viel mehr.
Als wir wieder im Home waren, malten wir unsere Luftballons und unsere Dinospuren an.
Nach dem malen hatten wir Freizeit.
Um 19:30 Uhr aßen wir denn gegen 20:00 Uhr machten wir uns auf den Weg zum Schwimmbad.
Auf dem Weg sangen und redeten wir viel, deshalb verging die Zeit schnell.
Als wir am Schwimmbad ankamen kam Claude.
Wir umarmten sie fest.
Im Umkleideraum zogen wir unsere Schwimmanzüge an und gingen in die Duschen.
Aber die Jungs waren schon in den Damenduschen.
Als erst gingen wir zur Wasserrutsche.
Manche gingen schon auf die ganz schnelle Wasserrutsche.
Danach gingen die meisten zum 3-Meter Brett.
Es ging ein bisschen in den Bauch, war aber voll cool.
Als es 21:30 Uhr war, gingen wir in die Duschen und zogen uns an.
Danach trockneten wir unsere Haare und Claude machte manchen einen Zopf.
Wir machten uns auf den Weg zum Home.
Gegen 22:00 Uhr kamen wir an.
Alle aßen Kekse und tranken Wasser.
Dann zogen alle ihre Pyjamas an und putzten ihre Zähne.
Als die Chefs "gutenacht" sagen gekommen waren, schliefen wir ein.

Am nächsten Morgen wachten alle langsam auf.
Alle waren noch sehr müde.
Als alle wach waren zogen wir uns an.
Danach fingen wir an zupacken.
Manchmal die Chefs schauen ob alles in Ordnung war.
Als ein Chef "Frühstück" riefen liefen wir schnell hinunter.
Es gab: weißer Joghurt, Brote, Nutella, Honig und Marmelade.
Nach dem Frühstück gingen wir wieder rauf und packten weiter.
Dann haben wir unsere Zähne geputzt.
Wir mussten die Ranzen vor die Tür des Homes stellen.
Danach konnten wir draußen spielen.
Die meisten spielten Fußball.
Als keiner mehr Fußballspielen wollten, spielten wir "Ninja".
Als wir mit "Ninja" fertig waren machten wir den "Chaîne des adieux".
Dann kamen langsam die Eltern.
Wir nahmen unser Ranzen und die Sachen die wir gebastelt haben und gingen nach Hause.



Merci Amélie

# Rapport Kreschtcamp



**Eichten Daag**

Mir haten r.d.v um 8.45h op der Gare, mir waren reicht geint 9h komplet an d'Liana an de Julien missten nokommen. Ausser de Melville ann ech waren keng anner Jongen do. Mir krutten vum Sam eisen eichten Message :Et war d' photo vun enger Gare, mee mir weusten net watt fir eng. No enger zeit hun ir eraus fond dass et d'Peitenger Gare. Do hun mir den Zuch richtung Athus um 9.30h gehol. Ech hun mech leider ennerwees verzielt an mir sinn dann zu Bacherage-Sanem erausskomm. No deems mir dann mam nachsten Zuch gefuher sinn, sinn mir schlussendlech ukomm, matt nemen 30min verspeidung. Mir hun dann de Message gesichtan mir krutten de Balou, dem Atra sein Hond fir matt op de Wee. Mir sinn dann duerch Petange gewandert biss dass mir gesin hun dass mir eis geiert hatten. Mir hunnn dann Cheffen ugeruff an sie sotten eis mir waren falsch. No enger ¾h waren mir beim richtegen Message. Am nometeg ass d'Liana beikomm an et huet ugeffangen matt renen do waren eis Kleder an eis Kart ganz nass, kuerz drop ass de balou op Kart getrepelt an dorauser geuf  et eng Lomp. Reicht no 7h sinn mir beim Home vun den LGS unkomm an mir hunn eis drechen ugdoen. Mir hunn am Home dann do sever Pizza gemach(di richtech gut ginn sinn). Do dropp hun mir nach a Film geguckt iwert Henn am Sud-pôle. Um enn war et schon speit an mir sinn schlofen gangen.





**Zweeten Daag**

Den naechsten Daag nom Kaffi hu mir eis Fernsteierung gebastelt vir kennen den Wanter ze besiegen. Mettes goufen et Wirschtecher mat Gromperenzaloot. Nom lessen hun mir en Spill am park gemaach waat deck cool war. Mir spillen et secher nacheemol.
Owes sin et Paangescher gin mat Geméiszopp. Duerno haate mir eng kuerz Veillée an dun hun mir nach en Film gekuckt.



**Drëtten Daag**

Moies sin mir erem opgestaanen. Nom Kaffi sin mir Holz an de Bësch siche gaang an Jiddereen huet sech en Spiess gemaach. Duerno hu mir Kichelcher gebaack. Mettes hu mir gegrillt. Nom lessen hu mir eis Saachen gepaak an sin op de kreschtmaart an der Staat gefuer, wou mir dun nach e Schocki gedronk hun.

Harry Lamamra



# Rapport Roverquiz



De Roverquiz war dëst Joërzu iechternach. Mir sin natirlech mat enger ganzer Equipe voller erfuerenen Leit dohi gefuer. An der Entree si mir dun och schon vun eisem Buttler emfaangen gin. Am Thema 20er Joeren geheiert daat dobai :)
Nodeems Jiddereen do war, hu mir dun mam Quiz ugefaangen. Et waren emmer oofwiesselend Spiller an Froen dei op engem Ziedel ze beaentweren waren.

D'Froen waren nawell zimmlech gepeffert mee do hu mir eis guer net steieren gelooss.
Duerno ass et dann och schon ze iessen gin. Et gouf haam mat gebroden Gromperen an Zalooten.

Nodeems dann Jiddereen giess haat, ass et weidergaangen mam Quiz an d'Froen sin net méi einfach gin.

Naechst Joer ass de Quiz dann zu Mamer well d'Wiselen hir Trophee mat op Mamer geholl hun. Do waerte mir dann och voll virbereed higoen.

Zum Schluss gouff et nach e Steck Kuch vun den Quaichlecken offreiert.

Ouni en Smartphone oder Internet ze benotzen, sin mir stolz 4ert gin!

Natirlech hoffen mir dass daat naechst Joer nach mei Leit mat goen waerten.

Bis naechst Joer dann bei de Wiselen zu Mamer!

Atra









# Rapport ChefsCityTrip FNEL op Freiburg

**CHEFFEN CITY-TRIP op FREIBURG**
**31.01 - 01.02.2015**

JO dir hudd richteg geliess, och eis Cheffen gönnen sëch heiansdo eppes an loossen sëch gären verwinnen. Dës Joër wor ët dann och nees esou wäit, dat d'FNEL een Weekend just fir dèi aktiv Cheffen organisèiert haat (no 2013 op BRUGGE). Sou hun sëch all d'Cheffen (dèi wollten) e Samsteg den 31.Januar 2015 um 8 Auer RV ginn um P&R Howald fir zu enger 100Mann Richtung Freiburg ze fueren. Nodeems all Mënsch do wor an Pabèieren kontrollèiert woren, konnt ët dun och schons lass goën. Lo loungen just nach 4 Stonnen Busfahrt mat beschten Buschauffeur ever (dem Kolweltesch Marc) virun eis an d'Fiirfreed wor grouss, obwuel mer nach guer nët woussten waat eis erwaarden sollt. Nodeems mer ënnerwee een wiirklech spuuki Scoutsfilm mat englëschem Humor gekuckt haaten (Merci Faucon), woren mer och schons baal do. Do ukomm, hun mer op deen zweeten Bus gewart fir e Carré ze maan an weider Informatiounen ze krèien. Am Carré kruuten mer dun gesoot dat mer lo anchecken an der Jugendherberge an eis dann a 30 Minuten nees am Bus treffen fir an den Zentrum ze fueren, wou mer dann eng Visite vun der Brauerei GANTER gèifen maan. Hei hun mer dun Busweis als èischt eng Visite gemaach, wou mer eng ganz sympatesch Guide haaten dèi daat lusteg an mat vill Lèift erklärt huet an eis dono och een zum Beschten ginn huet (an ech kann lerch soen, wor nët esou einfach deen richtegen choix ze maan). No der gudder Stärkung sinn mer dun weider gaangen op den Juck, wou eng Aart Holzspillolympiad op eis gewaard huet. Do konnt keen mèi vun Langweil schwätzen, well mir sinn irgendwèi all nees zum Kand ginn, an woren nët mèi ze bremsen...lauter flott Spiller am Holz & (Schätz)Froën ëm Bèier an Holz. GENIAL soën mer do just, an ët wollt och keen esou richteg ophaalen. Mee bon, irgendwann geet alles eriwwer. Sou sinn mer nach emol an dèi aal / stillgeluechten Brauerei gaangen wou den Pointage opgelèist gouf an den Gewënner nach een Patt kruut. Dono goufen ët dèi nächst Infos & Kaarten vun Freiburg mat engem Marquage wou mer eis owes um Punkt 19:30Auer nees am Restaurant zerèck sollten gesinn. Lo stoung also Temps libre un...also schnell d 'Fèiss an den Grapp geholl an Richtung Zentrum fir nach eppes vun der wiiirkleh schèiner Staat ze gesinn. Mir sinn also Aalstaat kucken gewierscht, bis op Gare an haaten eis informèiert wou owes dann eppes gèif laafen, dofir och nach sèier d 'Lage checken am Bermudadreieck wou een onbedingt hin sollt. Sou sinn mir dun an der Brasserie SCHLAPPEN geland wou mer eis een Apéro gegönt mat engem klengen Snack (MERCI Georges) ier mir an den Restaurant gaangen sinn. Am Restaurant wor èischter chaos ungesoot (well 100Lèit ass jo schon bëssi:)). Hei kruuten mir eng Zëppchen an dono koumen Tarte flambée à gogo, zumindest sollt ët mol esou sinn :).









# Rapport ChefsCityTrip FNEL op Freiburg







Frësch gestärkt an voll motivèiert d 'Staat och am Dunklen kennenzelèieren hun mer eis nees dèi Beschten Adressen erausgesicht an sinn schlussendlech an enger aaler Brasserie dem TACHELES geland wou mer zu enger gudder Ekipp, sou ze soën dem haarden Kär den Owend ausklèngen gelooss. Zu gudder letzt konnten mer eis ët och nët huelen loossen an sinn mam Tram nees zerèck an Jugendherberge gefuer fir eis klein bisschen ze schloofen ier ët deen aaaneren Daag nees weider gaang ass.

No enger erhuelsamer oder manner erhuelsamer Nuecht fir verschiddener hun mer moies Kaffi gedronk an der Jugendherberge beim Fussabllstadion, an sollten mat Saack an Paack nees fir 9:30Auer am Bus sinn. Lo sinn mir vun Freiburg op den Titisee gefuer an do konnten dèi eng dann een Trëppeltour maan an dèi aaner sinn an Piscine mam Rutschenpark gaang. Do wor richteg eng lass an jiddereen huet och alles missen testen, d'Rutschen, blaue Lagune, Piscine dobaussen, Whirlpool, Dampfbad, Salzwasserbecken. Ei mir goufen richteg verwinnt :) Jiddereen konnt 3 Stonnen dobannen bleiwen oder mèi laang awer dann zu Eegenlaaschten, eenzeg Konditioun wor den Start um 14:30Auer am Zentrum vun Titisee. Also konnt een an der Piscine eppes eessen oder eben am Duerf. Mir haaten no enger Hot-News vum Thèit eis fir den Hotel Bären entscheed an woren och schlussendlech zu enger 25 Lèit dohinner lecker iessen. Leider hun mer dun Gaz missen ginn fir nët ze spèit um Bus ze sinn. Mat bësselchen Retard konnt ët dun och lassgoën, mee leider haaten mer nët dèi besten Konditiounen op der Strooss, vue-que dat ët geschneit haat, stoungen sou richteg am Stau an mir koumen nët esou richteg virun. Mee bon eis konnt ët egal sinn, well mir loungen jo gemiddlech an eisen Sëtzer an konnten schloofen. Dennoch sinn mer dun gudd virun komm an sinn no enger klenger Paus ënnerwee, dun gesond an monter gèint 20:30Auer nees um P&R Howald ukomm. Do hun mir nach eng Chaîne des adieux gemaach, an jiddereen wor der Meenung dat mer een mémorablen owend haaten an do seet een nëmmen --> A REFAIRE :):):)

**Tamia**



## De Comité vun de Lions Bleus, Joer 2015, stellt sech vir

**Léif Elteren,**
Dëst sin di e bësse mi eeler an routinéiert Leit an eisem Groupe. D'Lions Bleus bestinn net nëmmen aus Beaver, Wëllef, Scouten, Explorer Rover an Cheffen. Dee ganzen administrativen Volet an de finanziellen Volet gëtt vun engem Groupe vu Leit géréiert, déi sech Comité nennen. Dëst ass net nemmen wichteg op rechtlecher Basis, mee och organisatoresch. Zousaetzlech dozou gehéiert zu hiren Chargen den LBB-Shop ze verwalten, ze kucken dass d'Home propper ass, an och ze garantéieren dass d'Wandrous zur Zait erauskënnt. Dëst ass nëmmen en Deel vun de Chargen, déi dëse Groupe verwalt. Si genéissen daat vollt Vertrauen vun de Cheffen an vum ganze Groupe. Zéckt net fir di verschidden Léit ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlech Informationen braucht. Et wier fäin wann dier lech virdrun géifft umelden.



*Vu lenks no riets: Kodiak, Atra, Crotale, Anoa, Maki, Eyra, Paco, Grizzly, Emys. Et feelt: Mouette.*

## Comité


| Numm: | GSM: | E-Mail: | Gebuer: | Fonction: |
|---|---|---|---|---|
| Moyano Guy (Crotale) | 691 857 486 | comite@lionsbleus.lu | 13/08/1952 | President |
| Lex Schmitt (Atra) | 661 365 188 | lex.schmitt90@gmail.com | 19/09/1990 | Vice-Pres./Rep. Groupe |
| Shelly Resl (Anoa) | 691 466 552 | comite@lionsbleus.lu | 15/06/1982 | Secrétaire |
| Paul Federmeyer (Eyra) | 621 179 232 | comite@lionsbleus.lu | 09/11/1954 | Trésorier |
| Danielle Majerus (Paco) | 691 790 238 | pacogrizzly@hotmail.com | 07/03/1973 | Gérant Listing Groupe |
| Martine Moecher (Emys) | 621 148 940 | comite@lionsbleus.lu | 18/02/1982 | Gérant Shop LBB |
| Christophe Lampach (Kodiak) | 691 505 057 | kodiak@vo.lu | 17/11/1980 | Gérant Site Internet |
| Patrick Majerus (Grizzly) | 691 790 239 | grizzly@lionsbleus.lu | 17/08/1968 | Gérant Terrain Home |
| Mike Kremer (Maki) | 661 721 112 | comite@lionsbleus.lu | 12/11/1972 | Gérant Home LBB |
| Sandra Schiumarini | 691 101 179 | comite@lionsbleus.lu | 19/08/1981 | Membre |

### Konto
Les Lions Bleus a.s.b.l.
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

**Allgemeng E-mail:**
**comite@lionsbleus.lu**

# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News









all **News** iwwert **LBB** fann der op:

**www.lionsbleus.lu**

**&** op **Facebook** an eisem **Grupp**

**Les Lions Bleus**

## LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

28/02/2015
28/03/2015
25/04/2015
16/05/2015



**EMYS ´ënnert der Hauf'**

# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP

**Nouv.Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!!!

## ALLGEMENG Datumer:

| | |
|---|---|
| 31-01/02/2015 | Cheffen CityTrip |
| 07-08/02/2015 | Tronc commun |
| 12/02/2015 | Réunion semestrielle |
| 28-01/03/2015 | SG Formatiounsweekend |
| 14-15/03/2015 | EX Raid |
| 28-29/03/2015 | Bosses&Bobos |
| 16-19/04/2015 | LeadershipFormatiounsCamp |
| 25/04/2015 | LX Federalaktivitéit |
| 5/05/2015 | Soirée CG |
| 9/05/2015 | BV FunDay |
| 22/06/2015 | Faackelzuch |
| 2/07/2015 | Wuppefest |

# Shop Lions Bleus
LBB-Shop

Sechert ierch elo den

# Starter-Pack **Lions Bleus**

## Dee Praiss schléit an!!

Alles waats du brauchs vir en gudden Lion Bleu ze sinn ass hei dran! An daat ganzt an enger spezieller Offer elo nëmmen an den LBB-Shop vum Vertrauen.










| | | |
|---|---|---|
| LBB-Plover | Eenzelprais | 25 € |
| LBB-T-Shirt | Eenzelprais | 12 € |
| LBB-100-Becher | Eenzelprais | 16 € |
| LBB-Kaap | Eenzelprais | 12 € |
| **TOTAL** | | ~~65 €~~ |

ELO NEMMEN NACH VIR

**55 €**



Emys, ennert der Hauf!

## Aaner Produit'en am LBB-Shop:

| | |
|---|---|
| LBB-Mutz | 12 € |
| Foulard | 5 € |
| Knuet | 2 € |
| Vademecum (Wëllef) | 10 € |
| Scoutsbichelchen | 10 € |
| De Jaizert | 10 € |
| LBB-Badge | 4 € |
| LBB100-Button | |

# et schéngt

et schéngt

01)wèi wann den Franky den Roverquiz vun der FNEL mol nees méi no bei Mamer wollt hun.
02)dat den Tameng,Soa&Tamia beim Heemfueren vum RoverQuiz Hëllef wollten leeschten bei engem Auto.
03)wèi wann de Paradiisvillche mat sènge propere Fèisercher um Wanterhike an de KAKA getraatscht wier.
04)dat den Kleeschen och dës Joër nees bei sèng Lieblings-Lèiwen den Wee huet fonnt.
05)dat sèch och dëst Joër nees eng Ekipp vun TechuanaLiebhaber Mëtt Februar op den Wee gèifen maan.
06)dat eist klengt Putmini sèng Fiirlèift fir Sushi entdeckt hätt, an d'Fanger nët méi dovun kann loossen.
07)wèi wann een Beaverchef nët esou einfach op daat Wuert Kichelcher komm wier fir sèng Déclaratioun.
08)dat d'Explorerunitèit am Joër 2015 eng fusch nei Uniform hätt.
09)wèi wann den haarden Kär vun den Rover um Quiz bei den Quachlècken matgemacht haaten.
10)wèi wann eisen lèiwen Beaverchef alias Grigri Problemer mat sèngen Guckelcher hätt.
11)wèi wann d'Explorer dës Joër deck Gas ginn hätten um FNEL Sportsdaag mat hierer jonker Ekipp.
12)dat mer dës Scoutsjoër eng gudd Meute hätten mat ganz vill tapferen Wëllefcher.
13)wéi wann fir den CheffenCitytrip op Freiburg eng Autorisation Parentale gebraucht ginn wier.
14)wéi wann op der Assemblee Générale erëm gaaaaanz vill Lèit do gewiercht wieren.
15)dat um Krëschtcamp vun de Wëllef méi wèi just 1 Grupp den Home vun de Kiewerlècken gelound haat.
16)wèi wann den Cheffen CityTrip vun der FNEL een groussen Erfolleg wor fir jonk an aal.
17)wèi wann een Student aus Eisterräich elo schon genuch huet vum Schifueren awer nach nët vum Schnèi.
18)dat Lions Bleus esou lues an deenen letzen Otemzich vun hierem CentenairesJoër sinn (Abrëll 1914)
19)dat de Chalet zu Suessëm vun den LGS ganz schèin wier, awer just fir Gruppen mat PlatinMasterCard.
20)wèi wann dèi konkret Préparatiounen fir den groussen Summercamp lo am Rullen wieren.

# et schéngt nët nëmmen

et schéngt nët nëmmen

01)dat Mamer Wiselen och dofir zu 4 Alles ginn hätten, fir dësen dann nächst Joër organisèiren ze kënnen ☺
02)wèi wann DD-Cheffen just um Stroossenrand mat 4 Winkeren stoungen fir op den Rescht ze waarden...
03)dat den Auto,Kaart&Mat-Insassen dono begladert wore an sie nët méi eraus koumen aus der Laachkrise.
04)wèi wann hien ët extra gudd gemengt haat mat deenen zwee extragroussen leckeren Boxemännercher.
05)wèi wann sie hier Apaacklëscht iwwerschafft hätten an dëst Joër mol préventiv 2 Motoseen mathuelen ☺
06)wèi wann hat elo zeguer sèng Scoutskollegen am Hammerdällchen gèif domat beliwweren.
07)dat d'Beaver dofir op hierem Krëschtcamp dann eben griechesch Keksen gebaack hätten.
08)wèi wann sie së och schon ganz stoltz um Sportsdaag vun der FNEL présentèiert hun.
09)dat Sie ouni Handy(Wikipedia) an aaner Hëllefsmëttelen op eng 4ert Plaatz komm sinn!
10)als hätt hien verzweifelt probèiert an der Garage op d'Chemise vum Botzplang ze ënnerschreiwen.
11)dat sèch den Êiergäiz gelount hätt, an Sie eng formidabel 3.Plaatz erreecht hätten.
12)wèi wann um Krëschtcamp och Jiddereen sèch getraut hätt vum 3m Sprangbried ze sprangen.
13)dat eng Persoun baal nët matgefuer wier, well en dës nach den Meedercher weisen misst virum Départ.
14)wéi wann een emol misst eppes fir Naischt unbidden dat och Lèit kommen déi nët mussen do sinn.
15)dat dèi 2 Gruppen sèch gudd arrangèiert haaten an den Camp soumat awer en follen Erfolleg war.
16)wèi wann verschidden Lèit egal op frèi / spèit am owend flott Erliewnisser am Tram zu Freiburg haaten.
17)dat hien dofir dës Saison d'Kichenekipp als Küchenlehrling an Techuana wärt ënnerstëtzten.
18)dat de Kalenner richteg gudd gefëllt wor,a kee sèch bekloë konnt dat nix fir hien dobai wor. MERCI LBB's
19)wèi wann een do fir alles Suppléments bezuelen misst an dono zeguer nët méi selwer botzen duerf.
20)dat zeguer pensionèiert Huesen récuperèiert goufe fir de Kachbëngel an de Pyrenäen ze schmäissen.

# 3 Méintprogramm

3 Méintprogramm

## februar'15

| | | |
|---|---|---|
| So | 1 | **CH CityTrip Freiburg** (FNEL) |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | Cogra |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| Sa | 7 | Beaver / Meute<br>**BaackSortie&Verkaaf** SG/EX/RO |
| So | 8 | |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | Permanence |
| Do | 12 | **FNEL** Réunion semestrielle |
| Fr | 13 | **TECHUANA** |
| Sa | 14 | **TECHUANA**<br>**LX-Fuesweekend** |
| So | 15 | **TECHUANA**<br>**LX-Fuesweekend** |
| Me | 16 | **TECHUANA** |
| Dë | 17 | **TECHUANA** |
| Më | 18 | **TECHUANA** |
| Do | 19 | **TECHUANA** |
| Fr | 20 | **TECHUANA** |
| Sa | 21 | **TECHUANA** |
| So | 22 | **TECHUANA** |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | Permanence |
| Do | 26 | Comité |
| Fr | 27 | |
| Sa | 28 | Beaver / Meute / Patrull / Unitéit |

## märz'15

| | | |
|---|---|---|
| So | 1 | |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | Cogra |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| Sa | 7 | Beaver / Meute<br>**EX-Sortie / SG-Intertroupeweek** |
| So | 8 | **SG-Intertroupeweekend** |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | Permanence |
| Do | 12 | |
| Fr | 13 | |
| Sa | 14 | Beaver / Meute / Patrull<br>**EX-Raid** (FNEL) |
| So | 15 | **EX-Raid** (FNEL) |
| Me | 16 | |
| Dë | 17 | |
| Më | 18 | Permanence |
| Do | 19 | Comité |
| Fr | 20 | Wandrouseinsendeschluss |
| Sa | 21 | Beaver / Troupe / Explorer<br>**LX-Sortie & Schaffweekend** |
| So | 22 | **Schaffweekend** |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | Permanence |
| Do | 26 | |
| Fr | 27 | Wandrousredaktionsschluss |
| Sa | 28 | Beaver / Meute / Troupe&Explorer |
| So | 29 | |
| Me | 30 | |
| Dë | 31 | |

## abrëll'15

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | Cogra |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | |
| Sa | 4 | |
| So | 5 | |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | |
| Do | 9 | |
| Fr | 10 | **OC Troupe & OC Explorer** |
| Sa | 11 | **OC Troupe & OC Explorer** |
| So | 12 | **OC Troupe & OC Explorer** |
| Me | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | |
| Do | 16 | **OC Meute** |
| Fr | 17 | **OC Meute** |
| Sa | 18 | **OC Meute & OC Beaver** |
| So | 19 | **OC Beaver** |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | Permanence |
| Do | 23 | Comité |
| Fr | 24 | |
| Sa | 25 | Beaver / Troupe / Unitéit<br>**SIXPLO** Meute (FNEL) |
| So | 26 | |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | Permanence |
| Do | 30 | |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu




* THAT'S ALL FOLKS